

Erklärung zu den neie COVID-Moosnamen

D'ADR begréisst de Meenungswiessel vun der Regierung

*Pressematdeelung vum 4. Mäerz 2022*

D'ADR hat fir den éischte Mäerz den „Dag vun der Fräiheet“ gefuerdert. D'Regierung wollt an der Chamber net op dee Wee goen an hat d'Fuerderung vun der ADR zeréck gewisen.

Elo, de 4. Mäerz, muss d'Regierung agesinn, datt d'ADR Recht hat a schléit elo selwer Moosname vir, déi an déi selwecht Richtung ginn.

D'ADR begréisst dës Entwécklung prinzipiell a wäert, esou bal den Text vun dem neie Gesetz virläit, déi nei Dispositiounen genee analyséieren.

Matgedeelt vun der ADR

4. Mäerz 2022